Josy Braun

Mir hu gutt schwätzen

Mir kënnen äis schéi bretzen,
mir léiren alles schwätzen.
Mat Däitsch kënnt ee bis op Berlin,
a wann et muss sinn, bis op Wien!
Mä nëmmen Däitsch, dat geet net duer,
da wier een zu Paräis verluer.
Zu London wier een och deen Dommen,
ganz ouni Englesch unzekommen!
Vill Kanner hei, déi schwätze schonn,
wéi déi grouss Leit zu Lissabon!

Mir kënnen äis schéi bretzen,
well mir och eis Sprooch schwätzen.
Eis Lëtzebuerger Sprooch ass kleng.
't si Leit, déi fannen dat gemeng,
well soll kee Friemen äis verston,
da brauche mir just hinzegon
a fräi an haart an ongenéiert
ze schwätzen, wéi äis d'Mamm geléiert.
Mä opgepasst, 't versteet ee schonn
eis Sprooch bis hanner Lissabon!